



128, route d'Arlon  
L-1150 Luxembourg  
Tél. : 621 221 782  
Email : musek@acen.lu



66, rue Baudouin  
L-1218 Luxembourg  
Tél. : 40 77 20 – 1  
Email : fgfc@fgfc.lu

## GEMEINSAME PRESSECOMMUNIQUÉ

### Gewerkschaften a SYVICOL froe gemeinsam Reunioun mat Regierung!

No enger Rei Entrevuë mat de Ministère vum Interieur an der Educatioun, déi bis elo alles anescht wéi zefriddestellend verlaf sinn, hunn d'ACEN an d'FGFC sech den 3. Mee 2021 och mat Vertrieeder vum SYVICOL getraff, fir iwwer hier Positioun am Dossier Enseignement Musical (EM) ze schwätzen.

An dëser Entrevue huet de SYVICOL absolut Verständnis fir d'Fuerderunge vun de Gewerkschafte gewisen. Donieft hunn d'Gemengevertrieeder awer och festgestallt datt d'Käschten, déi op d'Gemenge mat dëse Fuerderunge géifen duerkommen, leider net ofzeschätze wieren. Déi zoustänneg Ministère hätt bis elo keng kloer Positioun dozou geholl, a wéi wäit de Finzement vum EM vum Staat iwwerholl, an domat d'Gemengen entlaascht kéinte ginn.

**De SYVICOL an d'Gewerkschaften ACEN an FGFC hu sech dorop geeenegt, eng gemeinsam Entrevue bei den zoustänneg Ministere Bofferding a Meisch unzufroen, fir endlech Kloerheet an deem Dossier ze schafen.**

**Ausserdeem fuerdere si vun de Ministère, datt endlech kloer Chifferen op den Dësch geluecht ginn, wat d'Ëmsetzung vun de Fuerderunge reell géif kaschten a wéi déi staatlech Bedeelegung géif ausgesinn. Nëmme esou kann eng konstruktiv an transparent Verhandlung stattfannen.**

D'Gewerkschaften ACEN an FGFC setze sech scho säit méi wéi engem Joer fir eng vollwärtig Diplommuerkennung fir d'Chargéen am Enseignement Musical (EM) an. An der Gehälterreform vun 2017, gëtt de Chargé am EM am Gemenge Secteur duerchaus no deene selwechte Critère wéi all aner Employé aklasséiert, gëtt allerdéngs an deene respektive Karriäre jeeweils an en degradéierten Ënnergrupp gesat, dee ganz systematesch méi déif remuneréiert gëtt, wéi déi aner Ënnergruppen, an dat obwuel déi selwecht Diplommvoraussetzunge gëllen.

Vertrieeder vun ACEN an FGFC

Lëtzebuerg, den 4. Mee 2021